**Méchel Rodange RENERT. De Fuuss am Frack an a Maansgréist. Komplett Editioun mat historeschen an politeschen Explikatiounen vum Romain Hilgert Editioun Guy Binsfeld.**

## Wéi aus dem "Fiischen" erëm e "Fuss am Frack an a Maansgréißt" gët...

# Dem Romain Hilgert säi "Renert"

Eng Lieserreaktioun ob d'Renert-Rezensioumn am leschte "forum"(103).

Als komplett Editioun stellt de Romain Hilgert eis säi "Renert" fiir - also ouni d'Ewechloossen vun dene politëschen Abschnitter, déi an der Schoul nit behandelt gin, wëll se zevill ëmgräifend Erklärungen verlaange géifen, di oft zenséiert goufen, well ettlech Leit sech op d'Féiss getrëppelt gefillt hun, an déi iwerhaapt meescht ënnert den Dësch falen, wa mir eist Kulturgudd verhätschelen, verséissen, verharmlosen. Et get ëm d'politësch Aufgab vun der Literatur, an de Romain Hilgert gesäit seng Editioun ménger Menong no als e politësche Programm: Verstoën op dem literarëschen Niveau, durch geschichtlech a sozial Erklärungen, awer och durch allgemeng kulturell Assoziatiounen féiert zum Begräifen vun de Problemer, der Korruptioun, der Blannheet an domat zum Änneren vun der sozio-politëscher Struktur.

Esou wëllt och de Michel Rodange dat, an enger Zäit voll politëschem Sprengstoff, wou d'Demokratie mat festgefuerenen Interessien, mat Honger a Nout ze kämpfen hat. A wëll en op Grond vu sengem sozialen Stand keng Politik duerft maachen, du mouch en alt Kultur. Hie war an der "Société pour la recherche de la conservation des monuments historiques", wou en nit nëmmen no enger kulturell romantëscher Geschicht fir dat jonkt lëtzebuerg gesicht huet, mä op dem Verstoen vun der Vergaangenheet wollt hien durch seng Gedichter eng kulturell Erzéiung opbauen. Wat fir eng Aufgab - deemols an haut.

Erféiert sin ech, wéi ech gesin hun, wat alles erklärt gouf - erklärt muss gin. Engersäits schingen mir eis Sprooch nët méi ze kennen, wann en erkläre muss, dat "gewach" vu "wäiche" kënnt, an dat an enger Spënnchen d'Iessreserven versuerjht gin. Anerersäits si verschidde kulturell Hannergrënn an Assoziatiounen nët méi evident.

De Romain Hilgert gesäit ët als e Verdingscht vum Rodange un, dat hien sech vum däitschen Viirbild lassgerappt huet an eppes Ejhenens geschafen huet - mä haut schingt eis kulturell Ejhestännegkeet uerjh an d'Wackele geroden ze sin. An do hëlleft eis kee Kannerbuch mat séisse Fiischensgeschichten.

Mä d'Verharmlose vun der Literatur ass och nach haut e wiirksamt Manipulatiounsmëttel.

**Manon Petry**